

Freiburg

D'Wunnéngssich hei zu Freiburg ass net esou einfach. Et brauch een jiddenfalls vill Zäit a Gedold. Et soll een op jidde Fall zu Freiburg sinn fir ze sichen. Vu Lëtzebuerg aus ass et zimlech schwéier un een ze kommen, well op Emails oft net geäntwert gëtt, sou vill kréien déi der den Dag eran. Dofir soll een och direkt uruffen, soubal eng Telefonsnummer uginnt ass. Heiansdo steet an der Annonce en Datum mat Auerzäit, wou eng Porte ouverte resp. „offene Besichtigung“ vun der Wunnéng ass. Hei soll een sech op eng Waardeschlaang virun der Wunnéng astellen. Sou léiert een awer Leit kennen an et ass och scho virkomm, datt een do säin zukünftege Matbewunner fonnt huet.

Et ginn e puer Méiglechkeeten, fir no Wunnéngen Ausschau ze halen:

1. Internet: www.wg-gesucht.de, <http://www.immobilienscout24.de>, <http://www.wohnungsengel.de/de/Wohnung-Freiburg.php>, et ginn och eng Rëtsch Facebook Säiten. Do muss een einfach e bësse sichen, well do kommen ëmmer erëm Säiten dobäi, anerer verschwannen... ;
2. Zeitungen, wéi Zypressen oder de Schnapp kommen 2x an der Woch eraus. Déi leien hei zu Freiburg op verschiddene Plazen aus (oft bei der Sparkasse, z.B.) a si gratis. Sie hunn och allen zwee en Internetsite, mee ech hunn et mat der Zeitung méi einfach fonnt, wéi mam Site ;
3. Kontakter zu anere lëtzebuerger Studenten. Dat geet am einfachsten iwwer eis Facebook-Säit „SLUF – Studierende vu Letzebuerg op der Uni Freiburg“ (<https://www.facebook.com/groups/cerclesluf/>) ;
4. Op Pinnwänn an der Uni an am Studentenwerk. Eis Uni huet och eng digital Wohnungsdatenbank: <https://www.io.uni-freiburg.de/wohnraumvermittlung/wohnungssdb> Hei kann een ganz einfach no Wunnéngstyp an Uertschaft (Freiburg oder Viruert) sichen. Den Nodeel ass, datt een op den éischte Bléck nëmmen dat Néidegst ugewise kritt an een weider Informatiounen ewéi z.B. Fotoen fir d'éischt ufroe muss ;
5. An de Wunnheemer vum *Studentenwerk Freiburg* selwer (Iwwerbléck op: <https://www.swfr.de/wohnen/wohnheime/wohnheime-im-ueberblick/>)
 - Studentenhäuser Campus
 - Studentensiedlung am Seepark (StuSie)
 - Studentenwohnheim Stühlinger

- Studentenwohnheim Händelstraße
- Studentendorf Vauban
- Studentenhaus OIKOS
- Ulrich-Zasius-Haus
- Studentenhaus Lehener Straße
- Studentenwohnheim Kunzenweg
- Studentenwohnheim Berliner Allee

Wouhi geet ee wunnen?

Freiburg ass net grouss an et gëtt kee Quartier, vun deem mir ofrode géifen. Wéi wäit et vun der Uni fort ass, hänkt och ëmmer mam Studiegang zesummen, well d'Uni duerch Freiburg verdeelt ass. Op der Homepage vun de lëtzebuerger Studenten zu Freiburg hu mir eng Kaart ugeluecht, wou ee gesäit, wéi een Institut sech wou befënnt (www.sluf.lu > *Freiburg* > *Studium*). Well et awer net einfach ass eppes ze fannen, dierf een souwisou net all ze wieleresch sinn. Et ginn der och, déi fir déi éischt Zäit an e Viruert wunne ginn an ofwaarden, bis manner Leit op der Sich sinn.

Wat ass eng Provisioun (Update):

Säit dem 1. Juni 2015 ass et net méi den Mietinteressent, deen d'Maklerprovisioun bezuele muss, mee den Vermieter, also deen, deen de Makler ustellt d'Wunnéng ze verlounen – „Bestellerprinzip“. Duerch dat Bestellerprinzip, verzichten ëmmer méi Vermieter op e Makler, sou datt keng Käschten u sie selwer ufalen. Leeft d'Sich no engem Lokatär iwwert e Makler, dann huelen sech d'Vermieter déi Maklerprovisioun awer gär op anerem Wee zrëck, och wann dat gesetzlech verbueden ass. Sou froen Vermieter no „Abstandszahlungen“ fir, zum Beispill, eng Einbauküche. Keeft een eng Wunnéng, deelen sech a Baden-Württemberg an deene meeche Fäll de Verkeefer an de Keefer d'Provisioun. Doduerch hunn sech verschidden Vermieter dozou entscheed, d'Wunnéng net méi ze verlounen, mee ze verkafen.

Dës Informatiounen fënnt een ënner anerem op eiser Homepage www.sluf.lu (*Freiburg* > *Wunnéngssich*). Hei sinn déi eenzel Tipps och mat de jeeweilegen Websites verlinkt.

Mir wënsche jidderengem, deen den Ament nach op der Sich no enger Wunnéng ass toi toi!

Fir de SLUF,
Catherine

